# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




Monuments aux Morts Commune de Sanem

2 2000
Avril
40e année

# NATIONALKONGRESS vun der ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

**Samsdeg, de 6. Mee 2000 zu Bieles**
**am Gemengenhaus zu Bieles, rte d'Esch – via Rondpoint –**
**organiséiert vun der EDF Sektioun Gemeng Suessem**

## Programm

**14.30 Auer** Rassemblement vun den Delegéierten zu Bieles, virum Gemengenhaus

**14.45 Auer** Gedenkzeremonie mat Nidderleeë vu Blumme virum Monument aux Morts zu Bieles

uschléissend

Receptioun vun den Inviteen an den Delegéierten am Agank vum Gemengenhaus, wou och d'Delegatiounen enregistréiert ginn.

**15.00 Auer** Ufank vum Kongress – Ouverture duerch de Kongress-President Arthur Anen

musikalisch Astëmmung duerch e Kannerchouer ënner der Leedung vum Fons Konz

De President vun der Sektioun Suessem begréisst seng Gäscht

De Nationalpresident Jos Weirich begréisst d'Delegatiounen

De Generalsekretaire Jim Bolmer presentéiert den Aktivitéitsrapport

Den Trésorier Emil Olsem mecht Rapport iwwer d'Finanzen

Rapport vun de Keesserevisoren a Wiel vun de Revisoren fir 2001

Eventuel Froen oder Kritiken zu de Rapporten

Bestemme vun der Uertschaft wou de Kongress 2001 ofgehale get

Diskussioun vun eventuelle Motiounen

Ergänzung vum Comité Central

Auszeechnung vu verdengschtvolle Membere mam Ruban

Referat vum Nationalpresident iwwer aktuell Themen

Fräi Aussprooch

Lescht Wuert vum Nationalpresident


Mat dem Schlusswuert vum President vum Kongressbüro as de Kongress 2000 ofgeschloss.


**Duerno:** Usprooch vum Député-maire Fred Sünnen an Éierewäin offréiert vun der Gemeng Suessem




# D'Buurgermeeschteren aus der Gemeng Suessem


| | |
|---|---|
| Dominique Charpentier | 1799-1807 |
| Nicolas Hilbert | 1808-1812 |
| Pierre Krantz | 1813-1814 |
| Philippe Krier | 1815-1818 |
| Charles Baron de Tornaco | 1818-1827 |
| Egide Van Dyck | 1827-1848 |
| Jean Pretemer | 1849-1861 |
| Pierre Kremer | 1861-1867 |
| Jean Pretemer | 1867-1870 |
| J.-P. Pretemer | 1870-1879 |
| J.-P. Schambourg | 1879-1882 |
| J.-P. Meyer | 1882-1893 |
| Nicolas Knepper | 1894-1914 |
| Jacques Batting | 1915-1924 |
| Edouard Thill | 1925-1932 |
| Pierre Greisch | 1932-1934 |
| Jean Donnersbach | 1935-1937 |
| Pierre Greisch | 1937-1940 |
| Occupation Allemande | |
| Gemeinde Esch / Land | |
| Amtsbürgermeister Klein | 1940-1944 |
| Pierre Greisch | 1944-1966 |
| Roger Krier | 1966-1980 |
| Mathias Greisch | 1980-1997 |
| Sunnen Fred | 1997 |



*Nicolas Knepper*



*Jacques Batting*



*Edouard Thill*


*Pierre Greisch*


*Jean Donnersbach*


*Roger Krier*


*Mathias Greisch*


*Fred Sunnen*



# Häerzlech wëllkomm an der Gemeng Suessem!

Als Buurgermeeschter sin ech frou an houfreg, dass d'Associatioun vun den Enrôlés de Force d'Gemeng Suessem erausgesicht huet, fir hiren 1. Kongress am neie Jordausend e Samschdeg, de 6. Mai 2000 ofzehalen.

De Weltkrich 1940-45 mat sénge villen Affer dierf och am 21. Jorhonnert nët vergiess sin a soll den nächste Generatiounen déi batter Zäiten vun deemols ëmmer erëm virun Aën halen.

Léif Zwangsrekrutéiert! Dir sidd déi lieweg Zeien fir déi Komeroden, déi an der Bléi vun hirem Liewen an der Dout gang sin, fir dat mir elo schon eng Rei vu Jorzéngten am Fridden an am Wuelstand liewe kënnen. Mir mussen an dankbarer Erënnerung hirem Affer gedenken an äiser Jugend vermëttelen, wivill d'Fräiheet an de Fridden an engem demokratesche Staat wäert sin.

Ech félicitéieren der Sektioun vun den Enrôlés de Force aus der Gemeng Suessem, dass de Landeskongress bei eis organiséiert gët. Et as eng Unerkennung fir hirt Schaffen an hiren Asatz. Ech wënschen dem Kongress dee Succès, deen e verdéngt an ech hoffen, dass déi berechtegt Wënsch a Fuerderungen vun den Zwangsrekrutéierten gehéiert gin an en oppent Ouer fannen!

député-maire - Fred SUNNEN




*Gemengeplaz zu Bieles*




# D'Gemeng Suessem am II Weltkrich


# 1940-1945

## Populatioun 1940: 4595 Awunner



*Bieles*






*Eileréng*






*Suessem*






*Zolwer*



| | |
|---|---|
| An der Evakuatioun am Frankräich duerch Krichshandlungen ëm d'Liewe kom | 3 Persounen |
| An der Evakuatioun am Frankräich op d'Welt koum | 5 Kanner |
| Et waren a Prisongen an a Konzentratiounslager | 79 Persounen |
| Déportéiert no Schlesien 30 Familljen | 87 Persounen |
| Zwangsrekrutéiert an den R.A.D. Wehrmacht | 216 Jongen |
| Zwangsrekrutéiert an den R.A.D. | 97 Meedercher |
| Refraktären an Déserteuren FF | 84 Jongen |
| Maquisaren a Bunkeren am Eisléck, an der Belsch an am Frankräich | 9 Persounen |
| Dienst-Verflicht no Deitschland | 15 Persounen |
| Mentioun MORT POUR LA PATRIE 44 Zwangsrekrutéiert Jongen 6 aner Persounen | 50 Persounen |

# Chronik vun den Enrôlés de Force -
## Sektioun Gemeng Suessem vum Dezember 1944 bis haut



Ufank Dezember 1944 hu schon zwangsrekrutéiert Kollegen a Kolleginnen vum Arbechtsdingscht, déi a Fräiheet woren, sech zesumme gedoen an de Grondsteen vun "Ons Jongen" geluet, an daat ënnert der Presidentschaft vum Wiltgen Fernand aus Bieles an dem Kolleg Anen Arthur aus Zolwer. D'Devise war och schon deemols, alles ze ënnerhuelen, dass déi barbaresch Nazizäit, an deer d'Lëtzebuerger Jugend duerch Zwangsrekrutéierung ausgerott sollt gin, niemols an de Vergiess sollt kommen. Zu Eieren vun all eise gefalenen a vermësste Kolleginnen a Kollegen an allen Naziaffer hale mer d'Erënnerung héich, fir dass déi Zäit vun deemols nët nëmmen an d'Geschicht sollt agoen, mee och eiser Jugend fir ëmmer sollt erhale bleiwen.

Vun Ufank bis elo bleift d'Devise vun den Enrôlés de Force, ëmmer dorun ze erënneren, wat war, an dobäi eis Jugend mat anzebezéien. Mat Erfolleg hu mär an dësem Sënn de Schoulklassen vum 5., 6., 7. Schouljoer de Film vun eisem Kolleg Ernot Lorang, deen den 19. Mee 1944 zu Natzweiler mat nach 6 Kollegen erschoss gouf, virgefouert.



*MEDAILLES DE LA RECONNAISSANCE NATIONALE Juin 1968*

**11.10.1953** ass zu Bieles bei der Kiirch e Monument aux Morts opgeriicht gin - **25.06.1967** hate mär eis Fändelaweiung - **02.05.1970** gouf als Merci d'"Médaille de la Reconnaissance" u 55 Persounen iwerreecht, déi hirt Liewen an hire Besëtz op d'Spill gesat hunn, fir den

Naziën esou vill ewéi méiglech Lëtzebuerger Jugendlecher ze entzéien - **10.05.1987** ass zu Suessem en Erënnerungssteen opgeriicht gin - **17.05.1987** ass zu Éileréng en Erënnerungssteen opgeriicht gin - **15.03.1992** gouf eng Erënnerungsfeier fir den Nationalheld Claude Dondelinger ofgehalen - **31.05.1992** gouf en Denkmol fir den Nationalheld Ernot Lorang opgestallt - **09.05.1992** ass zu Zolwer op der Place des Sacrifiés en Erënnerungssteen opgeriicht gin - **07.11.1992** gouf eng Erënnerungsfeier fir de Nationalheld J.-P. Bernardy ofgehalen - **05.06.1994** gouf eng Erënnerungsfeier fir eis Maquisarden François Engel a Marcel Schimberg ofgehalen.



*MEDAILLES DE LA RECONNAISSANCE NATIONALE - Belvaux 2.5.1970*

An ech mengen als Grënnungsmember, dono Comitésmember a vun 1968 u President vun der Sektioun Gemeng Suessem kënnen ze soën, dass eis Sektioun all hirt Méiglechst gemaach huet, zu Éieren vun eise Naziaffer.

Fir all dat kënnen ze bewältegen, muss een an der Memberschaft Leit hun, fir ze hëllefen, a speziell e gudde Comité, deem ech op dësem Wee villmols, villmols Merci well soen. Ausser enger gudder interner Zesummenaarbecht ass fir onst Geléngen och eng Gemeng néideg, déi Verständnis opbréngt fir eis Generatioun. An esou eng Gemeng hate mir vu Krichsenn bis haut. An duerfir am Numm vun der Sektioun Gemeng Suessem e grousse an häerzleche Merci.

De President
Heinen Grégoire



**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 3a, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546**

**Son Excellence Monsieur Julien Alex**
Ambassadeur du Luxembourg
D-10117 Berlin

Con.: Dédommagement des travailleurs forcés du régime nazi.

Excellence,

Par les médias nous avons appris que le Gouvernement de la RFA vient de déposer au Parlement le projet pour indemniser les travailleurs forcés du régime nazi.

D'après le texte en notre possession du projet il est dit:

Art.: 11 Leistungsberechtigte

1. in einem Konzentrationslager ...
2. aus einem Heimatstaat in das Gebiet des Deutschen Reichs in den Grenzen von 1937 deportiert wurde, dort zur Arbeit gezwungen wurde ...
3. im Zuge rassischer ...

Cette formulation concerne donc très clairement la déportation de la Jeunesse Luxembourgeoise dans le RAD et spécialement les jeunes filles contraintes de travailler dans l'industrie allemande et surtout dans les fabriques d'engins et de munition de guerre.

Est-ce que Vous pourriez nous procurer le texte du projet tel qu'il a été déposé définitivement au Parlement?

Avec nos remerciements pour l'envoi de ces informations nous Vous prions, Excellence, d'accepter l'assurance de notre haute considération.

Pour le Comité Fédéral

**J.P. Bolmer**
*Secrétaire Général*

**Jos. Weirich**
*Président National*

## Entwurf eines Gesetzes zur Errichtung einer Stiftung „Erinnerung, Verantwortung und Zukunft"

Der Bundestag hat das folgende Gesetz beschlossen:

**§1 Errichtung und Sitz**

(1) Unter dem Namen „Erinnerung, Verantwortung und Zukunft" wird eine rechtsfähige Stiftung des öffentlichen Rechts errichtet. Die Stiftung gilt als mit dem Inkrafttreten dieses Gesetzes entstanden.

(2) Der Sitz der Stiftung ist Berlin.

**§ 2 Stiftungszweck**

(1) Zweck der Stiftung ist es, über Partnerorganisationen Finanzmittel zur Gewährung von Leistungen an ehemalige Zwangsarbeiter und von anderem Unrecht aus der Zeit des Nationalsozialismus Betroffene bereitzustellen.

(2) Innerhalb der Stiftung wird ein Fonds „Erinnerung und Zukunft" gebildet. Seine dauerhafte Aufgabe besteht darin, vor allem mit den Erträgen aus den ihm zugewiesenen Stiftungsmitteln Projekte zu fördern, die der Völkerverständigung, dem Jugendaustausch, der sozialen Gerechtigkeit, der Erinnerung an die Bedrohung durch totalitäre Systeme und Gewaltherrschaft und der internationalen Zusammenarbeit auf humanitärem Gebiet dienen.

In diesem Rahmen sollen auch Interessen der Erben und Hinterbliebenen von Opfern nationalsozialistischen Unrechts angemessen berücksichtigt werden.

# RAD (Reichsarbeitsdienst) und KHD (Kriegshilfsdienst der „Meedercher".

## Kopie eines Briefes, der so mancher Luxemburger Familie Juli-August 1944 ins Haus geflattert war.


**Liebe Eltern!**

*In diesen Tagen ist an Ihre Tochter der beiliegende Aufruf ergangen, der die Forderung enthält, den Kriegshilfsdienst bis zum Ende Oktober 1944 weiter zu leisten. Die Zusage der endgültigen Entlassung zu diesem Termin ist bindend. Die Gründe, die dazu geführt haben, ersehen Sie aus dem beiliegenden Aufruf. Da es tatsächlich bei dem weiteren Einsatz der KHD-Maiden um eine gerade in diesen kommenden Sommerwochen und -monaten ganz entscheidende Verstärkung der Leistungen in der Rüstungsindustrie geht, bitte ich Sie eindringlichst, nur dann einen Entlassungsantrag zu stellen, wenn nach den Maßstäben des 5. Kriegsjahres und im Vergleich zu den Opfern unserer Soldaten, vor allem auch der Gefallenen wirklich so eine eindringliche Notlage geschaffen ist, daß Sie keinen anderen Weg mehr sehen. Es geht ja um uns alle in diesem letzten Kampf und wenn wir ihn nicht siegreich durch letzten Einsatz aller Kräfte bestehen, ist auch die Zukunft Ihrer Kinder aussichtslos. Sicher wird es in manchen Fällen ein Notbehelf sein, wenn Ihre Tochter erst Ende Oktober zurückkommt, aber nehmen Sie diesen Notbehelf in Kauf, so wie jeder Soldat tausend Schwierigkeiten um des Krieges und Sieges willen jetzt schon jahrelang in Kauf nimmt, und helfen Sie durch Ihre Haltung Ihrem Mädel, daß sie jetzt nicht traurig ist, daß sie noch länger in der Arbeit der Rüstungsbetriebe bleibt, sondern helfen Sie ihr, daß sie nun ihre Pflicht für unser Volk ebenso tapfer wie unsere Soldaten tut. Ich weiß, daß es für viele von Ihnen nicht leicht sein wird, sich hineinzufinden, aber wir alle wünschen ja aus tiefstem Herzen, daß der Krieg möglichst rasch ein siegreiches gutes Ende findet, und ich bitte Sie eindringlichst, dazu auch hier mit besten Kräften mitzuhelfen.*

*Heil Hitler!*

Stabshauptführerin.

Die Führerin des Bezirks IX Westfalen



*Arbeit in einer Familie, die manchem „Meedchen" zugeteilt wurde*



**§11 Leistungsberechtigte**

(1) Leistungsberechtigt nach diesem Gesetz ist, wer

1. in einem Konzentrationslager im Sinne von §42 Abs. 2 Bundesentschädigungsgesetz oder in einer anderen Haftstätte oder einem Ghetto unter vergleichbaren Bedingungen inhaftiert war und zur Arbeit gezwungen wurde,
2. aus seinem Heimatstaat in das Gebiet des Deutschen Reichs in den Grenzen von 1937 oder in ein vom Deutschen Reich besetztes Gebiet deportiert wurde, zu einem Arbeitseinsatz in einem gewerblichen Unternehmen oder im öffentlichen Bereich gezwungen und unter anderen Bedingungen als den in Nr. 1 genannten inhaftiert oder haftähnlichen Bedingungen oder vergleichbar besonders schlechten Lebensbedingungen unterworfen war; diese Regelung gilt nicht für Personen, die nach Österreich deportiert worden sind,
3. im Zuge rassischer Verfolgung unter wesentlicher und schadensursächlicher Beteiligung



*Ackern in Gruppen...*

**Es war ein beschämender Einsatz für „eis Meedercher".**

*...oder Einsatz beim Bauern, einzeln, alles Arbeit für den Endsieg!!!*



**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 3a, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546**

## DEMANDE FIR ENG ENTREVUE

Madame Lydie Polfer
Ministre des Affaires Etrangères
5, rue Notre-Dame
L-2911 Luxembourg

Monsieur Charles Goerens
Ministre de l'Environnement
18, Montée de la Pétrusse
L-2918 Luxembourg

Madame, Monsieur,

Par la présente nous nous permettons de vous demander de bien vouloir accorder une entrevue à une délégation de notre Comité Fédéral, si possible en une seule réunion commune.

Objet: Vous exposez le point de vue de notre Fédération au sujet du Dédommagement des Travailleurs Forcés sous le Régime Nazi. Proposition de la loi déposée du Gouvernement au Parlement de la RFA. Notre entretien avec Monsieur le Ministre d'Etat, J.C. Juncker le 16.3.2000.

Date, lieu et horaire à votre meilleure convenance.

Dans l'attente de vous lire, nous vous présentons, Madame, Monsieur, l'expression de notre plus haute considération.

Pour le Comité Fédéral

**J.P. Bolmer**
*Secrétaire*

**J. Weirich**
*Président*


## Waffenträger wider Willen

Dieses autobiographische Werk über das Schicksal der zwangsrekrutierten Luxemburger wird am 1.9. ds. Jhrs. in einer textuell überarbeiteten und erweiterten Neuauflage mit bislang unveröffentlichten Photos, Dokumenten und Karten in festem Einband zum Ladenpreis von 1 900 F erscheinen. Das Buch kann bis zum 31.7. zum Subskriptionspreis von 1 575 F (inkl. Porto) beim Verlag Kremer-Muller, Foetz durch Überweisung von 1 575 F auf das CCP Nr. 157778-56 mit dem Vermerk „WwW-M. Staar" bestellt werden.


## D'Amicale GEMBITZ-DEUTSCHWALDE

invitéiert all hir Member op hire

**CONVENIAT**

de Samschdeg 3. Juni 2000 zou Iechternach

Rendez-vous ëm 10 Auer um Parvis vrun der Basilika



# Rapport iwwer d'Entrevue vum 16.3.2000 mam Här Jean-Claude Juncker, ministre d'Etat

a Mesdames Modert a Schmit am Ministère d'Etat zou Lëtzebuerg.

Délégatioun EDF: Nic. Champagne – Gaston Junck – Josée Reeff.

Virun dem Ministère huet eis en Team von RTL erwaart an em en Interview gefrot.

Gläich pünktlech e sympatheschen Empfang duerch de Staatsminister an déi zwou Dammen, woubäi mir eise President entschëllegt hunn.

De Premier huet sech ausgedreckt iwwer déi laang Pressepolemik déi dem Gespréich virausgaang ass.

Eis Diskussiounen:

### 1. PFLEGEBETTEN FIR EIS MEMBEREN:

Mir hunn dem Premier J.-C. Juncker fir d'éischt merci gesot, datt mat senger Ënnerstëtzung an dem gudde Wëlle vum Ministère de la Famille dat leidegt Problem vum Ënnerdagkommen vun eise Memberen an d'Centres intégrés an d'Centres de Gériatrie geléist konnt ginn. Fir de Moment besti keng Problemer, wat mir och fir d'-Zukunft hoffen.

### 2. FONDATION POUR PERSONNES ÂGÉES:

No eiser Positioun, fir eis:

a) eng Persoun vun eis als Observateur zouzegestoen an

b) eng gewesse Somm Geld stoen ze loossen, huet de Premier seng Iddi als Propos erklärt:

Mir kréien – op Staatskäschten – eng Persoun (vun eis ze bestëmmen resp. ze sichen) fir 1 Dag pro Woch an eisem Service social ze schaffen = eis Iddi „Relève par des jeunes".

D'Geld vun der Fondatioun get elo definitiv als Interventioun vun der Santé investéiert, wouriwwer mir informéiert ginn.

Et get weiderhin en neie Gremium geschaft mat engem Uspriechpartner fir eis, a fir all déi aner Organismen déi nach bestëmmt ginn; an dem Gremium solle mir e sougenannten Observateur-Poste kréien, dass de Fonctionnement nëmmen an Zesummenaarbecht mat den EDF geschitt. Mir hunn ze bemierken ginn, datt dëst eng ganz schwéier Saach kënnt ginn, wëll jo verschidden Associatiounen sech net wëlle mat eis un een Desch setzen, obscho mir fir jiddereen op sinn.

### 3. AFFÄR ROOS, HOLLAND:

De Premier verdeedegt d'Regierung ganz fest an däitlech: hien huet reklaméiert, schrëftlech, beim Ambassadeur, beim Buch-Verlag asw. = e ganzen Dossier wou mir Kenntnis kréien iwwer d'-Korrespondenz.

### 4. FONDATION MEMORIAL = EISE MUSÉE:

Hei hu mir bis elo keng aner Revenuen wéi déi vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte = Subsidien, wofir mir hei aus vollem Häerz em President Ed. Schumacher merci soen. De Premier huet eis hei seng Mathëllef bei der Oeuvre zougesot.

Mir selwer sichen awer hei och weider; mir hunn z. B. eng Initiativ fir d'Gemengen opzefuerderen, de Schoulkanner eng Visite am Musée ze erméiglechen.

### 5. „EIS MEEDERCHER":

De leschte Ponkt war dee vun de Lëtzebuerger Meedercher, déi am zweete Weltkrich an den RAD an KHD zwangsagezu waren. Mir hunn dem Premier déi provisoresch Zuelen an eis Auswäertung vun eiser Ëmfro matgedeelt a mat Ënnerlage bewisen, wou des Medercher iwwerall gezwongen waren ze schaffen. Heieropphin sot de Premier, dëst wär net esou einfach, hien huet schon iwwer de Ponkt mat der däitscher Regierung geschwat; z. B. beim Besuch J. Rau zou Lëtzebuerg, an och mam Kanzler Schroeder direkt.

Trotzdeem géif hien nach dem preisesche Kanzler Schroeder e Bréif schreiwen an him matdeelen, wéi Lëtzebuerg zou dëser Affär steet.

Mir hunn hei insistéiert, dass mir als Enrôles de force fest drop bestinn, dass den däitsche Staat = also déi jetzeg Bundesrepublik eis Fuerderung: „Die Zwangsrekrutierung der Luxemburger war ein Nazi-Verbrechen": unerkennt.

Hei ass de Premier-Minister J.-C. Juncker voll d'accord, wëll hie wëllt absolut an der Geschicht dëse Ponkt ee fir allemol festhalen.

No dëser sympathescher Réunioun hu mir a positiver Stëmmung ofgeschloss a si virum Setzungssall vun dem RTL-Team interviewt ginn, Interview dee leider net realistesch erembruet ginn ass.

Nic. Champagne
Gaston Junck
Josée Reeff

# Entschädigungen für Luxemburger Zwangsarbeiter, Kritik an Gesundheits- und Steuerpolitik

## Sektion Düdelingen der Zwangsrekrutierten hielt am 25. März Generalversammlung ab

In seiner Eigenschaft als Sektionspräsident freute sich Jos. Weirich, zahlreiche Mitglieder in der Versammlung begrüßen zu können. Das beweise, dass das Interesse an der gemeinsamen Sache noch immer bestehe. Als Gäste konnte Jos. Weirich Vertreter von anderen Sektionen und des Zentralvorstandes willkommen heißen.

In seinem Tätigkeitsbericht Jos Benoit, Sekretär, wortwörtlich:

Déi lescht gutt besicht Generalversammlung ass de 27. Määrz 1999, ënnert dem Motto „ee Ministerium fir déi al Leit“ an dësem Sall ofgehale ginn. Wéi der wësst, huet keng Partei dorop reagéiert. Ee Sprechwuert seet, de Mouer huet seng Schëlegkeet gemaat, de Mouer ka goen. Dat heescht, déi Al hunn hire Soll erfëllt, déi Al kënne goen. De beschte Beweis ass dat antisozial Steiergesetz vun 1991, dat ënnert der Regie CSV an LSAP déi Al d. h. déi pensionéiert Witfraen a Witmänner als zweetklasseg Bierger dégradéiert huet. D'Sektioun Diddeleng mecht een dréngenden Appell un d'Regierung an d'Parteien, bei der Steierreform déi Leit, déi scho beim Stierffall vun hirem Partner schwéier getraff ginn, net nach duerch dat antisozial Steiergesetz ze strofen, et wär elo bei der neier Steierreform Zäit, Steiergesetz vun 1991 ze korrijhéieren.

Wie weiter aus dem Tätigkeitsbericht hervorging, zählte die Sektion Düdelingen im vergangenen Jahr 214 Mitglieder. Leider hatte sie auch den Tod von mehreren ehemaligen Zwangsrekrutierten zu beklagen. In einer Gedenkminute erinnerte sich die Versammlung an Irène Barthels-Stranen, Norbert Bastian, Jean Mosar, Paul Franck, Jean Jost, Emile Louis, Nicolas Benoit, Yvonne Pauly-Mathieu, Paul Mergen, Gérard Jacoby, Henri Schmit und Xavier Strasser. Insgesamt, so Jos. Benoit, seien 1999 in Luxemburg 725 Zwangsrekrutierte gestorben.

Die Sektion war auch im vergangenen Jahr bei allen wichtigen Ereignissen dabei. So nahm sie teil an der Gedenkfeier für die 91 Luxemburger, die am 31. Januar 1945 in Slonsk erschossen wurden. Auf dem Nationalkongress in Moutfort wurde Théid Schintgen mit dem „Ruban en or“ ausgezeichnet. Wie jedes Jahr legten die Zwangsrekrutierten am 8. Mai, dem Tag der bedingungslosen Kapitulation Nazideutschlands, Blumen an der Gedenkplatte, am Eingang der Pfarrkirche nieder. Am 5. September nahm die Sektion am nationalen Gedenktag der Zwangsrekrutierten teil. Am 10. September, dem 55. Jahrestag der Befreiung wurde auf dem alten Friedhof eine Gedenkplatte für die 188 Düdelinger Nazi-Opfer enthüllt. Die traditionelle Gedenkfeier der Sektion fand wie jedes Jahr am 26. Dezember statt. Außerdem wies Jos. Benoit darauf hin, dass der Ausstellungsraum der Zwangsrekrutierten im ehemaligen Einsatzzentrum der Feuerwehr bis zum 31. Dezember 1999 von 13 125 Menschen besucht wurde. Abschließend ging der Sekretär auf die Gesundheitspolitik ein und sprach im Pflegebereich von Schlendrian.

Wortwörtlich:

Duerch déi vill Reklamatiounen, ass dëse Mount, de Määrz 2000, eng Kommissioun vun dräi Leit an d'Heem vun Diddeleng komm, fir Kloe vun Heembewunner ze kontrolléieren. No den Informatiounen, déi ech kruut, hunn déi Responsabel aus dem Heem de Kapp gewäsch kritt. Wéi mir d'Alterspolitik hei am Land kennen, bleift et och nëmmen beim Kapp wäschen an de Schlendrian geet weider. Nëmmen déi eeler Leit, d. h. mir all zesummen, kënnen déi Problemer léisen. Déi Al fir déi Al. Dofir sti mir all donneschdes mueres an onser Expo fir Reklamatiounen zur Verfügung. Bei berechtegte Reklamatiounen suerge mir fir déi needeg Suiten.

Nachdem der Kassenbericht, der ebenfalls von Jos. Benoit vorgetragen wurde, angenommen war, sprach sich die Versammlung für die Anhebung des jährlichen Mitgliederbeitrags von 250 auf 300 F aus, um die ständig steigenden Kosten decken zu können.

In seiner Eigenschaft als Landespräsident der Zwangsrekrutierten ging Jos. Weirich zum Abschluss der Versammlung auf verschiedene aktuelle Fragen ein. So erinnerte er daran, dass den Zwangsrekrutierten eine prioritäre Unterbringung in Pflegeheimen zugesagt worden war. Diese Konvention sei bei der Einführung der Pflegeversicherung allerdings nicht berücksichtigt worden. Inzwischen gebe es aber wieder zufriedenstellendere Abkommen.

Auch rief Jos. Weirich junge Leute dazu auf, bei den Zwangsrekrutierten mitzuarbeiten, um die Erinnerung wach zu halten.

Jos. Weirich ging dann ausführlich auf die Entschädigung von Zwangsarbeitern ein. Nachdem amerikanische Rechtsanwälte deutsche Firmen verklagt hätten, die während des Zweiten Weltkrieges Zwangsarbeiter einsetzten, sei eine Entschädigung von insgesamt 20 Milliarden DM berechnet worden. Schließlich habe man sich auf zehn Milliarden geeinigt, von denen die deutsche Industrie und der Staat jeweils fünf Milliarden übernehmen. Für Entschädigungen kämen auch Luxemburger in Frage, die im Reichsarbeitsdienst waren, erklärte Jos. Weirich. An der Regierung sei es nun, Schritte zu unternehmen und zu sagen, dass Deutschland nicht das Recht hatte, Luxemburger in den Arbeitsdienst einzuziehen.

Auch wies der Präsident darauf hin, daß Fragebögen im Umlauf sind, die von den Betroffenen ausgefüllt werden sollen, damit den Verhandlungspartner genaue Unterlagen zur Verfügung stehen um Leistungsberechtigte festzustellen und Entschädigungen zu berechnen.



# Empfang einer Schülergruppe des Johann-Walter-Gymnasiums aus TORGAU

4. April 2000 im EURO-Hôtel Gonderange, ein Gespräch Raths und Weirich mit Schülern und Schülerinnen aus Torgau

5. April 2000 Empfang der Torgauer Schülergruppe im Mémorial in Hollerich mit Weirich, Graff, Melcher, Coner und Gallion

Schüler und Schülerinnen der Klasse 9d des Johann-Walter-Gymnasiums in TORGAU waren vom 31. März bis 6. April auf Spurensuche in Luxemburg.

Mit dem Projekt „LUX 9“ interessieren sie sich für die Biographie der 14 zwangsrekrutierten Luxemburger, die im Torgauer Wehrmachtsgefängnis Fort ZINNA inhaftiert waren und Ende 1944 in Torgau erschossen wurden.

Am 4. April war im EURO-Hôtel in Gonderingen ein Gespräch mit



Aloyse Raths, Präsident des CNR, und Jos. Weirich, Landespräsident der Zwangsrekrutierten-Föderation.

Am 5. April wurde die Delegation im Mémorial de la déportation, Bahnhof Hollerich, empfangen, wo die Vertreter der Föderation Informationen über die Zwangsverschleppung gaben und die beiden Videofilme „Evadés et réfractaires“ und „De Massaker vu Slonks“ vorführten.



# Generalversammlung vun den Zwangsrekrutéierte vun der Sektioun Lëtzebuerg-Stad

Eis Generalversammlung war dëst Jor erëm am Festsall vun der Mousels-Brauerei a Clausen, wou mir den 29. Mäerz 2000 nomëttes um 5 Auer zesumme koumen. 72 Komerodinnen a Komeroden hate sech afonnt. Mat grousser Satisfaktioun hu mir festgestallt, datt ausser de Komerode Weyrich a Champagne vum Zentralcomité och den Députéierten a Konselljee Théid Stendebach, ee Frënd vun eiser Sektioun, äis mat senger Presenz beéiert huet.

De President René Magar huet d'Versammlung opgemaach a merci gesot, datt esouvill vun eise Membren de Wee a Clausen fonnt hunn. Duerno huet d'Madame Mimy Deltgen, déi jo Sekretärin an Trésorière zugläich ass, een détailléierte Rapport iwwer eis Aktivitéite gemaacht. Si hat äis villes matzedeelen a mir sinn esou gewuer ginn, wéivill fräiwëlleg Aarbecht si fir d'Sektioun a fir d'Associatioun leescht. Si huet äis ënner anerem matgedeelt, datt am Jor 1999 eleng aus eiser Sektioun 5 Komerodinnen a 16 Komerode an d'Eiwegkeet ofgeruff goufen. Dat ass bei knapp 400 Membren een héije Prozentsaz. D'Versammlung ass opgestan an huet eng Minutt laang u si geduecht. D'Mimy huet äis och een exakte Rapport iwwert d'Sektiounskeess gemaacht. Do konnte mir erëm konstatéieren, wéi seriéis si schafft a mir sinn hir ee ganz grousse Merci schëlleg. Dat huet och de Komerod P. Scheer ervirgestrach, wéi hien als Keesserevisor säi Rapport gemaach huet. Hien huet dem Mimy eng tadellos Gestioun vun der Keess bescheinigt a mat engem staarke Bäifall huet d'Versammlung hir Décharge ginn an Unerkennung bewisen.

Duerno huet de Komerod Behm d'Wuert ergraff an Detailer iwwer de Programm vun eiser Exkursioun ginn, déi fir den 21. Juni an d'Eislek virgesinn ass.

De Komerod Behm huet uschléissend eisem Nationalpresident d'Wuert ginn. De Jos Weyrich ass a sengem intressanten a fondéierte Referat du speziell op d'Flegeversécherung an op d'Entschiedegung vun den NS-Zwangsaarbechter agaangen. Et géif ze wäit féieren d'Detailer hei ze widderhuelen, déi kann een an de Bulletins vun de Sacrifiés, Nummer 6 (1999) Säit 7 an Nummer 1 (2000) Säit 4 noliesen. De Riedner muss ower constatéieren, datt vill Komerodinnen a Komeroden net iwwert d'Prioritéite fir an ee Centre intégré opgeholl ze ginn, Bescheed wëssen a fuerdert déi Komeroden déi hei sinn op, wann hinnen esou ee Fall bekannt ass, mat Rot an Dot weiderzehëllefen.

D'Entschiedegung fir NS-Zwangsaarbechter betrëfft jo haaptsächlech Meedercher déi an den RAD an an den KHD gezwonge goufen a virun allem déijéineg, déi 1944 agezu goufen an nodeem si entlooss waren, net méi konnten heemkommen, well d'Amerikaner dunn eist Land scho befreit haten. Vill vun hinne sinn du vun de Preisen am KHD zur Zwangsaarbecht gezwonge ginn. All déijéineg Meedercher a Jongen, déi a Fro kommen, solle sech mellen. Si kënnen ee Formular bei hirer Sektioun ufroen an ausgefëllt eraschécken. Och wa si der Meenong sinn, datt dat Ganzt näischt bréngt, solle si sech mellen. Wichteg ass, datt si all erfaasst ginn, fir Drock op déi däitsch Regirung ze maachen. Bekanntlech huet nach all däitsch Nokrichsregirung et fäerdeg bruecht, fir d'Zwangsrekrutéierung vun der Lëtzebuerger Jugend an den RAD, de KHD oder d'Wehrmacht, net als Krichsverbriechen unzeerkennen. Eis Regirung ass do och gefuerdert.

Dem Nationalpresident seng Ried war ganz opschlossräich a seng Wierder hunn Zoustëmmung am Sall fonnt. Déi fräi Ausssprooch duerno war ganz lieweg an huet bewisen, datt d'Komerodinnen a Komeroden nach ëmmer groussen Undeel huelen un deem, wat hinne viru bal 60 Jor un Onrecht passéiert ass. Et war eng gutt komerodschaftlech Ambiance am Sall a si hu sech uschléissend all de Patt an d'Kéiserschmier gutt schmaache gelooss.

Fir ofzeschléissen e grousse Merci der Mousels-Brauerei fir dee frëndleche Geste vis-à-vis vun den Zwangsrekrutéierten.

Pierre Rassel

## Assemblées générales
## vun de Sektiounen vun den Enrôlés 2000

- 4. Januar SCHËFFLENG mat Weirich a Reef
- 30. Januar GROUSSBUS mat Coner a Bolmer
- 17. Februar KÄRECH mat Weirich a Bolmer
- 18. Februar RAMMERECH mat Bolmer
- 16. Mäerz SUESSEM-BIELES mat Jacob a Champagne
- 18. Mäerz PÉITENG mat Jacob a Reef
- 23. Mäerz ESCH-UELZECHT mat Weirich a Champagne
- 24. Mäerz HESPER mat Weirich a Coner
- 25. Mäerz DIDDELENG mat Weirich, Coner, Olsem a Reuter
- 29. Mäerz LËTZEBUERG mat Weirich a Champagne
- 30. Mäerz BEETEBUERG mat Weirich an Olsem
- 30. März RÉISERBANN mat Weirich
- 6. Abréll KÄL mat Weirich an Olsem
- 6. Abréll WALFER mat Bolmer
- 7. Abréll STEESEL mat Weirich a Melcher
- 20. Abréll KONTER mat Weirich a Reef



# Besuchergruppe der „KONRAD-ADENAUER STIFTUNG" im Mémorial de la déportation, Hollerich-Bahnhof



# Aus der Generalversammlung der Steinseler Sektion vom 7. April 2000

Recht zahlreich waren sie erschienen, die Kameradinnen und Kameraden aus schwierigen Zeiten, als Vize Pleimling Théo für den erkrankten Präses Hilbert Martin die Ehrengäste Député-Maire Jempi Klein und den Präsidenten der Zwangsrekrutiertenföderation Jos Weirich begrüßen konnte.

Der Tätigkeitsbericht von Melcher Norbert wies für das vergangene Jahr 1999 eine rege Tätigkeit vor. Die Sektion war bei allen nationalen und lokalen Veranstaltungen präsent, sei dies bei der Sonnenburg-Gedenkfeier, bei der Oktavmesse, der Journée commémorative im September oder der Journée de commémoration nationale im Oktober.

Ein mehrtägiger Ausflug ins Elsass im Monat September 1999 mit großer Teilnehmerzahl war als äußerst gelungen zu bezeichnen, wäre da nicht durch Erkrankung einer Teilnehmerin ein kleiner Schatten darauf gefallen. Während einer Gedenkminute wurde der Verstorbenen des Jahres gedacht, des Kameraden Roby Weyland aus Hellingen, und der beiden Damen Madame Lony Kaufmann-Weis sowie Madame Emilie Reckinger-Stein aus Mersch. Das Programm für das Jahr 2000 sieht wiederum vor, bei allen Gedenkfeiern präsent zu sein sowie beim Trëppeltur Ende September. Ein kameradschaftlicher Ausflug ist vorgesehen im nahen Lothringen und an der Mosel entlang. An den Bürgermeister wurde die Bitte weitergereicht, die fehlenden Namen am Monument aux Morts beizufügen.

Der Kassenbericht von Armand Haan bewies eine gesunde Kassenlage, dies wurde von den Kassenrevisoren bestätigt durch den Revisor Albert Huber. Hierauf wurde einstimmig Entlastung gewährt. Die Kassenrevisoren Albert Huber und Pierre Ecker wurden für ein weiteres Jahr bestätigt. Député-Maire Jempi Klein freute sich über die rege Tätigkeit der Steinseler Sektion, das gute Einvernehmen mit der Gemeindeverwaltung und versprach, der Bitte auf Hinzufügen der Namen am Mahnmal in Steinsel Folge zu leisten, Jos Weirich als Landespräsident der Zwangsrekrutierten wusste die unsere Jahrgänge betreffenden Themen zu erörtern. Pflegeversicherung wurde nach langem Hick und Hack einigermaßen zufriedenstellend gelöst. Das Problem des RAD und besonders des KHD der „Meedercher" ist angeschnitten, aber lange noch nicht gelöst. Man wird uns vielleicht vortragen, dass wir ein reiches Land wären, und damit wäre dieses Problem gelöst. Wir dürfen aber nicht nachgeben, schon ganz und gar nicht, damit nicht wieder einmal ein Geschichtsklitterer à la Roos die ganze Luxemburger Jugend als Kollaborateure bezeichnen kann, denn bis zum heutigen Tag habe noch keine Bundesregierung die Zwangsrekrutierung als Nazi-Verbrechen anerkannt. Er bat die betroffenen „Meedercher", die Fragebögen auszufüllen, damit wir gegebenenfalls eine vollständige Kartei vorlegen können.

# Sommaire

Nationalkongress zu Bieles .......... 2
D'Buurgermeeschter aus der Gemeng Suessen .......... 3
Häerzlech wëllkomm an der Gemeng Suessem .......... 4
D'Gemeng Suessem am II. Weltkrich .......... 5
Chronik vun den Enrôlés de Force, Gemeng Suessem .......... 6
Lettre à l'ambassadeur de Luxembourg à Berlin .......... 7
Entwurf eines Gesetzes zur Errichtung einer Stiftung .......... 7
RAD a KHD vun eise Meedercher .......... 8+9
Buch „Waffenträger wider Willen" .......... 10
Journée Gembitz-Deutschwalde .......... 10
Entrevue mam Här Jean-Claude Juncker .......... 11
Assemblée Diddeleng .......... 12
Empfang der Schülergruppe aus TORGAU .......... 13
Assemblée Lëtzebuerg-Stad .......... 14
Besuchergruppe der „Konrad-Adenauer Stiftung" .......... 15
Assemblée Steesel .......... 15

# Aus eiser Agenda

**6. Mee 2000 Kongress**

vun der Associatioun vun den Enrôlés de Force zu Suessem-Bieles

**18. Mee 2000 um 11 Auer**

Oktavmass vun allen Enrôlés an der Kathedral

**21. Mee 2000**

no der Muttergottes-Prozessioun zu Cliärref géint 16-16.30 Auer ass beim GI-Denkmol eng Gedenkzeremonie vun der Fédératioun an den Enrôlés de Force, Sektioun Nord-Cliärref

**28. Mee 2000**

Schlussprozessioun vun der Oktav

**3. Juni 2000**

Conveniat GEMBITZ-DEUTSCHWALDE. Rendez-vous 10 Auer um Parvis vun der Basilika zu Iechternach

**24. September 2000**

ass de leschten Trëppeltour vun den Enrôlés zu Suessem. Den Départ ass um 9.30 Auer. D'Mëttegiessen ass virgesinn ab 12 Auer.

**11. November 2000**

TAMBOWER DAG zu Lëtzebuerg. Journée Commémorative a Generalversammlung

**9. Dezember 2000**

Journée Commémorative vum Grupp Liberatioun aus Russescher Gefaangenschaft 7. Dezember 1945 zu Lëtzebuerg.

**26. Dezember 2000**

Commémoratiounsmass mat Blummenidderleën zu Diddeleng

**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546**
**Rédaction du bulletin bimestriel:** «Les Sacrifiés» c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L-7333 Stesel, Tél.: 33 60 30
**Service social aux enrôlés de force:** 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.
**L'Association des parents des déportés militaires luxembourgeois,** secrétariat:
3A, rue de la Déportation,L-1415 Luxembourg, boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg
**L'Amicale des anciens de Tambow,** secrétariat: L-8378 Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48, tél. 39 60 39
**L'Association des enrôlés de force, victimes du nazisme,**
secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCP 31324-90
**Association des survivants des enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.
La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, tél. 35 00 14.
**Impression:** Imprimerie Saint-Paul s.a., Luxembourg